

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg


Lëtzebuerg, de 8. Juni 2022

Här President,  
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

D'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun geschitt hei am Land zënter 1996 net méi automatesch. An der RTL-Emissioun „Dir hutt d'Wuert“ huet de Minister François Bausch gesot, datt d'Regierung zënter 2013 vill gemaach hätt an där Richtung, ouni an Detailer ze goen. Duerfir well ech d'Madamm Finanzminister froen:

1. Wéi dacks ass d'Steiertabell zënter 1996 un d'Inflatioun ugepasst ginn?
2. Wéi dacks wär d'Steiertabell mam 5Prozent-Automatismus, deen 1996 vum Finanzminister Jean-Claude Juncker a senger CSV-LSAP-Regierung ofgeschaaft ginn ass, zënterhier ugepasst ginn?
3. Wat genee huet d'Regierung vun 2013 u gemaach, fir déi ongerecht Auswierkung vun der Inflatioun op d'Steiertabell, d'kal Progressioun, auszegläichen?
4. Kann ee graff rechnen, wéi vill Steieren de Staat all Joer méi anhëlt, wéi hien eigentlech berechtigt wär, well d'Steiertabell net automatesch ugepasst gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten